

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Säit e puer Joer geet d'Zuel vun de Leit, déi un der Ecole nationale pour adultes (der fréierer « Ecole de la 2^e chance ») versichen, een Ofschloss nozehuelen, bzw. ee besseren oder zousätzlechen Diplom ze kréien, konstant an d'Lut. An obschonns een aus den Zuele vum Schoulministère erausliese kann, datt d'Zuel vun de Schoulofbriecher säit Pandemie-Ufank net an d'Lut gaangen ass, bleift dëst Thema ee brisante Sujet zu Lëtzebuerg.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et Schüler ginn, déi d'Schoul ofbriechen, well se kee Schouljoer méi widderhuelen däerfen?
- 2) Kann den Här Minister noweisen, wéi sech d'Zuel vun de Schoulofbréch an deene leschte Joren am Hibleck op d'Altersgrupp 16 bis 18 Joer entwéckelt huet?
- 3) Ginn et Etuden, déi sech konkret mat den Ursaache vun de Schoulofbréch an dëser Altersgrupp beschäftegen?
- 4) Wéi gesäit den Här Minister d'Konsequenze vun de Schoulofbréch op d'Lëtzebuenger Wirtschaft?
- 5) Kann den Här Minister confirméieren, datt d'ENAD am Ablack un d'Grenze vun hirer Capacité d'accueil stéisst? Wa jo: Ass dru geduecht, fir dës Schoul an deenen nächste Joren ze vergréisseren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup, Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 5616 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Ad 1)

Et ginn effektiv Reegelen, déi d'Zuel vun de Redoublementen limitéieren. Wann Echecken sech cumuléieren, ass eng Progressioun op engem Niveau, deen de Capacitéite vum Schüler besser entsprécht, méi sënnvoll. Hei ass virun allem eng gutt Orientéierungsarbecht erfuerdert.

Ad 2)

Dësen Tableau wéist, wéi d'Schoulofbréch sech bei de Mannerjärege an de leschte Joren entwéckelt hunn:

ÉVOLUTION DU NOMBRE DE DÉCROCHEURS PAR RAPPORT À LEUR ÂGE		
Année scolaire	Nombre décrocheurs 16-17 ans	Nombre décrocheurs 17-18 ans
2014/2015	216	436
2015/2016	283	346
2016/2017	240	409
2017/2018	245	396
2018/2019	222	356
2019/2020	237	275
2020/2021	273	374

Ad 3)

Am Oktober 2021 huet de Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) de Rapport *Regards de jeunes sur leur parcours de décrochage dans l'enseignement général* erausginn, am Optrag vum Service national de la jeunesse (SNJ), dëst am Kader vun senger Missioun, d'Schoulofbriecher ze kontaktéieren an ze begleeten.

Dës qualitativ Etude huet d'Situatioun vun 22 jonke Leit ënnersicht, déi am Alter tëschent 16 an 18 Joer d'Schoul ofgebrach hunn, mam Zil erauszefannen, wat hir Besoine sinn, fir kënnen hir Sclaritéit fortzeféieren. De Rapport sträicht och ervir, datt d'Ursaache vum Schoulofbroch villfälteg sinn an datt d'Mesuren, déi geholl ginn, dëser Diversitéit entsprechen.

Ad 4)

Selbstverständlech hunn d'Schoulofbréch negativ Konsequenzen op d'Lëtzebuurger Wirtschaft. Eis Betriber wëlle sou wäit ewéi méiglech gutt ausgebilte Mataarbechter. Och riskéieren d'Schoulofbriecher spéiderhin de Staat deier ze ginn, wat zum Beispill Chômage oder d'Sozialversécherung ugeet. Ma eigentlech leie mir nach vill méi déi perséinlech Schicksaler vun deene Leit um Häerz. Jidder Schoulofbroch ass dramatesch an d'Resultat vu gréissere Problemer, deenen de

Jonke vir dru begéint ass, sief et schoulescher, sozialer oder gesondheetlecher Natur. No engem Schoulofbroch hunn déi Persounen hiert Liewe laang domadder ze kämpfen, datt si keen Ofschloss hunn, a si riskéiere permanent d'Prekaritéit, et sief, si schloen den zweete Bildungswee an, dee jo zu Lëtzebuerg net nëmmen an der École nationale pour adultes (ENAD), ma och mat den Offere vum Service de la Formation des adultes (SFA) aussergewéinlech gutt ausgebaut ass.

Ad 5)

Wann d'ENAD an den SFA bis elo riskéiert hunn, un hir Grenzen ze stoussen, gouf ëmmer nees fäerdeg bruecht, d'Offer ze vergréisseren. Déi zwou Strukture schaffe mateneen an ergänze sech. Am Bauteprogramm vu mengem Ministère mam Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass een neit, vill méi groust Gebai an der Stad fir den zweete Bildungswee virgesinn. Des Weidere wäerten och an noer Zukunft Ausbildung vum zweete Bildungswee am Süde vum Land ugebuede ginn. Och an der Nordstad wäert déi eng oder aner Offer opgebaut ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH